ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 81) iwwert d'Aktioune vun der Tierkei a Syrien un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An engem Interview mam Tageblatt (20.03.2018) huet den Här Bausseminister Asselborn dëst gesot: „Dem türkischen Präsidenten scheinen die UN egal zu sein. Und mit Selbstverteidigung hat das nichts mehr zu tun." Domat ënnerstellt d'Lëtzebuerger Regierung der Tierkei e Broch vun der UN Charta, a besonnesch vum Artikel 51, Kapitel 7.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Wëll Lëtzebuerg den UN-Sécherheetsrot mam Verhale vun der Tierkei a Syrie saiséieren, déi jo, no Opfaassung vun der Regierung, an deem Land intervenéiert ouni sech dobäi op d'Recht op Selbstverdeedegung (Art. 51, UN Charta) kënnen ze beruffen?
2. Wéi eng Konsequenzen huet dëse Broch vum internationalen, ëffentleche Recht duerch d'Tierkei op d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung am Hibléck op eng EU-Bäitrëttsperspektiv vun der Tierkei?
3. Wéi eng Konsequenzen huet dës Ausso vun der Lëtzebuerger Regierung op déi bilateral Relatioune mat der Tierkei ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten